Kuurz virum Kaffi

„Jhang, sëtz dech mol! Wëlls d'eng Fläsch Béier?"
„O mei, do muss jo eppes Fierchterleches geschitt sin!"
„Ech muss der eppes son."
„Dat hun ech well begraff, versuerg der de Béier bis hanneno!"

De Jhang sëtzt sech op d'Bänk laanscht de Kichendësch. D'Fra dréchent sech d'Hänn of. Se bleift an der haalwer Kiche ston. Se stäipt d'Hänn an d'Hëffen.

De Radio as aus, denkt de Jhang; soss huet et en ëmmer lafen, wann ech heemkommen.

„Déng Duechter freit."
„Eist Monn?"
„Maja, oder hues d'nach eent?"
„Ja, an? 'T as dach al genuch! A wouhir weess de dat?"
„'T huet mer et gesot."
„Fir dat s du mir et solls son? Wou as et?"
„Uewenop um Velo."

De Jhang hëlt sech de Béier selwer aus dem Frigo.

„A wien as et?"

D'Paulette fänkt un, d'Telleren an d'Jhatten aus dem Schaf ze huelen.

„Du kenns en nët, en as vum Lampertsbierg, e schafft an engem Ministère. D'Monn huet mer eng Foto vun em gewisen, 't as keen iwwlen".

'T gët dem Jhang onheemlech. Do as dach eppes! 'T fiert dach soss nët sou laang ronderëm de Bräi!

„A wou as den Hoken?"
„Wat fir en Hoken? Ech wollt der et jhust son! A séng Pai as keng kleng, wann s de dat éire mengs!"

De Jhang hat eigentlech guer näischt gemengt.

„Kennen se sech da scho laang?"
„'T schéngt es. 'T as eng Tennisgeschicht, vun der Kockelscheier. 'T muss scho vum leschte Summer hir sin. Séng Elteren haten e Geschäft an der Enneschtgaass."
„Haten?"
„Se liewen op de Renten, 't si Leit déi sech gutt stin."

'T as dem Jhang eng Grëtz méi liicht, mä nëmmen eng Grëtz.

„A wéini kritt een dee Borscht ze gesinn?"

D'Paulette tesselt d'Läffelsgeschir nieft d'Telleren a kuckt de Jhang kuurz an d'Gesiicht, mä nëmme ganz kuurz.

„Dorëms geet et jo! 'T wëllt en e Samschdeg mat heem brëngen."
„Aha!"

De Jhang spillt mam Läffelchen.

„Asou! Da ruff et lo rof, da kann et mer dat jo selwer zielen, 't huet dach uechtzéng Joer! 'T as dach soss nët op de Mond gefall! Firwat soll hatt da kee Frënd hun, oder Freier, wann s de wëlls?"

D'Paulette geet bis an de Gank an an d'hallef Trap.

„Monnchen, iessen!"

D'Paulette kënnt zréck an d'Kichen an hëlt de Kaffiskrou vun der Maschinn. De Jhang schëtt sech raus.

„A wéi heescht en?"

D'Paulette steet bal widdert him. 'T hëlt hie mam Aarm.

„Jhang, 't schéngt wiirklech e léiwe Jong ze sin!"

De Jhang weess nët firwat, mä lo gët et him kacheglíddeg. Oder as dat vun där klenger Schlupp Kaffi?

„Do as dach en Hoken, ech sot et jo! Wéi heescht en dann?"
„Kleidermann!"

Dat war d'Monn, dat an der Dir steet.

D'Mamm sëtzt sech. De Jhang seet een Ablack näischt, mä nëmmen een Ablack.

„Ja, an?"

D'Paulette kuckt hie riicht an d'Gesiicht.

„Gelt, du hues lo een Ablack gezéckt!?"
„Ech? Gezéckt? Wéisou? Kleidermann? Da's dach e bekanntene Numm, 't gët dach och een sou, dee Piano spillt! Wat as dann?"
„Dann as et jo gutt!", seet d'Monn.

'T sëtzt sech och un. 'T gët roueg an der Kichen. Bis de Jhang freet, mä nëmme fir eppes ze son:

„Kann en da wéinstens och Piano spillen?"

josy braun



Zeechnung: Moritz Ney